N°276
Entrée le 02.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.02.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Zënter 2019 ass d'Urgence am CHEM um Site zu Nidderkuer tëscht 21 Auer a 7 Auer zou. Wärend dëser Zäit assuréiert de CHEM Esch-Uelzecht d'Noutfäll. An der Äntwert op d'Fro n°160 vun 2019 hat den deemolegen Gesondheetsminister präziséiert, dass all d'Proximitéits-Sitten vum CHEM erhale bleiwen an dem Bierger eng net programméiert medezinesch Versuergung daagsiwwer ubidden.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wat fir eng Pläng huet d'Regierung betreffend d'Urgencen op de Proximitéits-Sitten vum CHEM?
2. Wéi eng Servicer sollen op déi jeeweileg Sitten dobäikomme bis 2028?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°276
Entrée le 08.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 276 vum 2. Februar 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.**

1. *Wat fir eng Pläng huet d'Regierung betreffend d'Urgencen op de Proximitéits-Sitten vum CHEM?*

D'Haaptmissioun vum Noutdéngscht am Service urgences vum CHEM ass d'medezinesch Versuergung vun den net programméierte Besoin'en vu Patienten an der Südregioun vu Lëtzebuerg.

Den Noutdéngscht « Service hospitalier Urgences » gëtt assuréiert um Site Esch-Uelzecht. Doniewent ginn et zwou Poliklinicken, zu Diddeleng respektiv zu Nidderkuer, déi och d'medezinesch Versuergung vun net programméierte Patiente sécher stellen. Des Poliklinicken kënnen awer nëmmen ausnamsweis kleng Noutfäll à charge huelen. De Samu an och méi schwéier Noutfäll ginn zu Esch behandelt.

Am Accord de coalition 2023-2028 huet d'Regierung festgehale fir eng Analyse vum Noutdéngscht an och der Aktivitéit vun de Services Urgences ze maachen. Eng erweidert Offer soll och an den Poliklinicken ugeduecht ginn.

2. *Wéi eng Servicer sollen op déi jeeweileg Sitten* dobäikomme *bis 2028?*

No der uewegenannter Analyse mat den Acteure vum Terrain wäert den M3S Aktivitéite festhalen déi an de Poliklinicke kënne realiséiert ginn. Aktuell ginn an dëse Poliklinicken net programméiert Aktivitéite realiséiert an et wäert iwwerluet ginn wéi an engem medezinesch securiséierte Kader weider Aktivitéite kéinten bäikommen.

Doriwwer eraus sief drun erënnert dass niewent de Poliklinicken um Site Nidderkuer an um Site Diddeleng eng Exploitatiounszouloossung, déi gülteg ass vum 1. Januar 2024 bis den 31. Dezember 2025, u folgend Spidolsservicer ausgestallt gouf:

Um Site zu Nidderkuer :

- Service de cardiologie (Antenn);
- Service de gériatrie aiguë (Haaptsite);
- Service d'hospitalisation de jour chirurgicale (Antenn);
- Service d'hospitalisation de jour non chirurgicale (Antenn);
- Service d'hospitalisation de jour non chirurgicale - Laboratoire du sommeil (Haaptsite);
- Service d'imagerie médicale (Antenn);
- Service de médecine interne générale (Haaptsite);Service de psychiatrie aiguë (Haaptsite);
- Service d'orthopédie (Antenn);
- Service d'hospitalisation de jour non chirurgicale - Médecine de l'environnement (Haaptsite);
- Service de médecine de l'environnement (Haaptsite).

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Um Site zu Diddeleng :

- Service d’imagerie médicale (Antenn);
- Service de rééducation gériatrique (Haaptsite);
- Service d’hospitalisation de jour de rééducation gériatrique (Haaptsite).

Ab dem 1. Januar 2026, mussen nei Zouloossungsverlängerungen un d’Spideeler erdeelt ginn. Dësen Zouloossungsprozess erméiglecht zukünfteg Gesondheetsbedierfnësser ze berücksichtegen, andeems d’Ausriichtung vun de Spidolsdéngschter un den demographeschen Trend, u Bevëlkerungsentwécklungen an den Afloss vun der ambulanter Versuergung ugepasst kënne ginn.

Lëtzebuerg, den 8. Mäerz 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez